move.

déi Jonk am Mouvement Écologique

move.meco.lu
facebook.com/move.lu

**KOMM MAT OP DÉI GROUß TTIP & CETA DEMO**

## SA.8.OKT.

**10:00** Start Place de la Gare/Luxembourg-Stadt

**11:30** Ëmzuch mat Ukommen a Rieden Place-Clairefontaine

# STOP

# CETA & TTIP

Well et geet em eis Zukunft!



CETA an TTIP si geplangte Fräihandelsofkommes vun der EU mat Kanada an den USA déi eis Demokratie an eise Rechtsstaat wäerten ennergruewen.
Mir si fir international Ofkommen déi gerecht an zukunftsfäeg sinn an net nëmme grousse Konzerner eppes brengen!

# Firwat Stop TTIP&CETA?

## Mir hu kee Bock op nach méi Muecht fir grouss Konzerner

Vill grouss Konzerner goufe consultéiert beim Ausschaffe vun TTIP&CETA, op d'Fuerderunge vun der Zivilgesellschaft gëtt net gelauschtert.
**D'Politik muss der Wirtschaft e Kader setzen! Net ëmgedréint!**
Bei de geplangte Schiidsgeriichter kenne Konzerner Staaten ukloe wann hir Gewënnerwaardung net erfëllt gëtt. Ma geet et nach mam Geescht?

## Demokratie ass keng Handelswuer!

Mir wëllen net dass mat TTIP & CETA ondemokratesch gewielte Gremie mat driwwer berode kënne wann néi Gesetzer zum Schutz vum Verbraucher oder der Ëmwelt solle gestëmmt ginn.
A wéi soll en Accord deen hannert zouenen Diere verhandelt gëtt gutt fir eis sinn...?

## Mir hunn kee Bock op déi läscht Drëps Kapitalismus!

D Befierworter_Inne vun TTIP a CETA verspriechen sech e staarke Wirtschaftswuesstem, mee wat ass dest fir en Wuesstem a wee wäert dovu profitéieren...? ...Richteg, grouss Konzerner! Déi meescht kleng Betriber exportéieren net an d'USA a weider bëlleg Produkter vu grousse Konzerner drécke mat hirer Niddregpräisstrategie déi kleng sws vum Maart!

# GËFF AKTIV BEI MOVE!

Eis Zukunftsvisioun ouni TTIP&CETA fënns de op **move.meco.lu**

move.

# Warm-up Event

de Gudde Wëllen Café-Concert

DO.6.OKT
ab 18.30

**PLAKATER MAACHEN  KREATIV GÉINT TTIP&CETA**
**MUSIK  CHILLEN OWEND  ZESUMMEN IESSEN**